ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 01/10/2025

Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

Sëtzung vum 22 September 2025

Presenzen

Present	Net present
PINTO Toni	REDING-SCHARLE Corinne (entschëllegt)
LEROY Michelle	BAUS Ben (entschëllegt)
WETZEL Mike	DOEMER Patrick (entschëllegt)
WIRTZ Sandra	MEYER Louis (entschëllegt)
JENTGES Nicole	
VOSSMAN-KIEFER Diane	
CINCIS Patrick	

Punkt 1: literaresche Cabaret - Lët'z druddel

De literaresche Cabaret *Lët'z druddel* gouf organiséiert a fënnt **Mëttwoch, den 12. November 2025** am **Koschteschbau zu Téinten** statt.

Organisatoresches:

- Diane huet d'Ziedelen fir d'Locatioun an d'Materialreservatioun un d'Gemeng geschéckt.
- De Cabaret dauert **2x35–40 Minutten**, den **Entrée ass gratis**.
- De **Gage vum Kabarettist** gëtt aus dem Budget vun der Kulturkommissioun bezuelt.
- **Reservatiounen** ginn iwwer Telefon oder SMS gemaach, dës Organisatioun iwwerhëlt Nicole.
- Maximal **150 Plazen** si virgesinn.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 01/10/2025

Programm an Zäitplang:

- Entrée ab **18:45 Auer**, Ufank um **19:30 Auer**.
- Memberen vun der Kulturkommissioun solle schonn um **18:15 Auer** do sinn.
- Opriicht ass de **11.11.2025 ab 18:00 Auer**
- Den Oflaf vum Owend verlaangt mindestens **7 Leit** aus der Kommissioun:
    - 2 um Contoire
    - 3 an der Kichen
    - 2 an der Caisse

Iessen a Gedrénks:

- Würschtercher mat Sauerkraut an alternativ Kéisbréidercher fir Vegetarier.
- Gedrénks goufen iwwer d'Gemeng ugefrot.
- Toni këmmert sech ëm de Schampes.

Finanzielles:

- Payconiq a Fond de caisse goufen un d'Gemeng ugefrot.
- Eng Caisse mat Bongen zu 10 € a 20 € gëtt ageriicht.

Tombola:

- Membren këmmeren sech drëm fir Corbeillen ze organiséieren, dozou lëft eng Emfro ob Whats App
- De Präis vun engem Bong ass 5 €, d'Lousen ginn aus engem Spillkaarten-Deck gemaach.

Material:

- Material fir ze Kaachen kritt Kommissioun vun den Téintener Theaterfrënn geleint

Benefice:

- Den Erléis gëtt gespent, méiglecherweis un *Île aux clowns* oder un *d'Associatioun um Bill*.

Helperknapp, 01/10/2025

Flyer:

- 2000 Exemplairen ginn gedréckt.
- Verdeelung per Post, Käschte ginn aus dem Budget gedroen (342,18€).
    - Delaien fir de Flyer wann e 4 Wochen am viraus soll verdeelt ginn:
        - **26.09.2025:** Reservatioun Post (mat éischtem Entworf vum Flyer).
        - **06.10.2025:** Deadline fir fäerdege Flyer.
        - **13.–15.10.2025:** Verdeele vun de Flyeren.
- De Patrick këmmert sech ëm de Layout.

Punkt 2: Divers

Film zum Zweete Weltkrich

Gemeng huet gefrot ob Kulturkommissioun sech beim Film zu zweete Weltkrich mat Bezuch zur Gemeng, well bedeelegen. Kommissioun ass ganz Intresséiert wieder Informatiounen dozou ze kréien. Mir fannen dat eng wichteg Saach a wéilte gäre wësse weie Mandat ob Kommissioun géing duer kommen.

Kann Gemeng da Kommissioun weider Detailer dozou ginn?

Datum fir nächst Sitzung:

Nei nächst Sitzung ass an da Woch vum 13 Oktober, fir de genauen Datum geet eng Ëmfro ob Whats App gemaach.

Themen sinn: Präislëscht erstellen an Aufgaben Verdeelung beim Cabaret